

DirActor's Cut

Françoise
Poos

Datt Lëtzebuerg sech kulturell um internationalen Niveau positionéiere wëll an och soll, dat ass nom Succès vun der Philharmonie a vum Mudam, spëtstens mam Kulturjoer 2007, kloer ginn. Festivaler spréisse wou een nëmmen hikuckt, am Beräich vum Theater, der Musek oder och nach dem Danz. An der selwechter Logik sollt Lëtzebuerg dann och säi Filmfestival kréien – endlech, deen éischten, esou huet et op der Ouverture vum Luxembourg City International Filmfestival DirActor's Cut e bësse feierlech geheescht.

De Publikum am Sall huet zwar bei dëser Ausso liicht zesummegezuckt, mä der Coordination générale an den Organisateuren ass dat warscheinlech an der Begeeschterung net opgefall. Trotzdem: esou luewenswäert déi nei Initiativ sécher ass, deen éischte Festival zu Lëtzebuerg ass DirActor's Cut net, an, op d'mannst op dëser Plaz sollt un d'Efforte vun deenen erënnert ginn, déi sech jorelaang hei zu Land fir de fantastesche Film agesat haben, ier hinnen d'Ënnerstëtzung ausgegangen ass.

Dofir gouf et dëst Joer eppes neies: DirActor's Cut, am beschten amerikanesch grouss op allen Ecranen annoncéiert, mä op franséisch executéiert, war de Luxembourg City International Filmfestival een Evenement, dat am Mëttelpunkt Acteuren hat, déi selwer och Filmer realiséieren. Eng definitiv flott Approche fir e Festival unzegoen, do ass wuel jiddferee sech eens, an e Sujet, dee Matière genuch fir en etlech weider Editiounen liwwere kéint, wann de Succès da kéint confirméiert ginn. D'Iddi koom net fir näischt vun engem Mann, dee sech am Festivalsberäich gutt auskennt, nämlech de Pierre Henri Deleau, de fréieren Direkter vun der renomméierter Quinzaine des réalisateurs zu Cannes.

An e klengem Succès war et sécherlech: d'Rencontre mat de Realisateuren, och wa se net Woody Allen

oder George Clooney geheescht hunn, waren absolut formidabel Momenter vun engem passionéierten Dialog ronderëm de Kino, esou wéi ee se hei zu Lëtzebuerg nëmme ganz sielen, fir net ze soe guer net huet. An déi Acteure-Realisateuren déi do waren, hu jiddferee eenzel, dem Spectateur hire Kino, de Kino, e Stéck méi no bruecht, op eng immédiate an einfach Aart a Weis.

E Publikumshit konnt de Festival awer vu vir eran net ginn: de Pierre Henri Deleau ass kee Mann vum Mainstream: säi Choix vun de Filmer war gezielt a konsequent, mä d'Mass vun der Utopolis Clientèle stoung deroutéiert bei de Keesen, an d'Säll waren enttäuscht dënn besat. Dozou koume sécherlech falsch Decisiounen bei der Programmation: ugefaange mam léiwen, mä dach banalen Ouverturesfilm, dee parallel mam Jane Birkin senger Presentatioun vu *Boxes* gelaf ass, dee sécherlech méi interessant war. Ähnlech war et bei der Clôture, déi net vill méi war wéi eng Sneak Preview am Utopolis, während dat eigentlecht Evenement an der Cinemathèque war.

Sécher, bei alle Festivaler muss een eng Selectioun maachen, mä schued ass et trotzdem, wann déi eenzel Filmer mateneen a Konkurrenz sinn, a virun allem, sech d'Spectateuren ewech huelen.

Esou ass de Schlëssel zum Succès sécher net nëmmen déi gutt Iddi. Vill wichteg kleng Detailer vun Organisatioun a Programmation mussen och matspillen, ouni ze schwätze vun der Ausdauer an dem Budget, fir dës selwecht gutt Iddi iwwer Joren ewech kënnen z'alimentéieren.



Kulturchronik um radio 100,7 all dënsches um 7.55 an 12.50
Kulturchronik vum 16.10.2007

Sécher, bei alle Festivaler muss een eng Selectioun maachen, mä schued ass et trotzdem, wann déi eenzel Filmer mateneen a Konkurrenz sinn, a virun allem, sech d'Spectateuren ewech huelen.

D'Françoise Poos ass Kulturredakterin beim radio 100,7.